ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Mäerz 2022

Här President,

esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, den Här Bausseminister an d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

Am Artikel "*De Luxfilmfest huet d'Nidderlag vun der Kultur proklaméiert*", deen den 3. Mäerz um Zitt vum Radio 100Komma7 publizéiert gouf, heescht et, datt d'Organisateure vum Luxfilmfest opgrond vun der Ukrainkris an Ofsprooch mat der Regierung an der Stad Lëtzebuerg decidéiert hätten, sämtlech russesch Filmer aus hirem Programm ze sträichen.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung matdeelen, ob a wéi wäit si an dëser Fro Drock op d'Organisateure vum Luxfilmfest ausgeübt huet? Kann d'Regierung elaboréieren, wéi wäit si d'Vereenbarkeet vun dëser Decisioun mat der verfassungsméisseg garantéierter Fräiheet vun der Konscht a Kultur beurteelt?
2) Kann d'Regierung matdeelen, wéi si zu der Fro vun der politescher Kollektivschold steet an a wéi wäit si et rechtsstaatlech fir vertrietbar hält, Acteure vun der Zivilgesellschaft fir politesch Decisioune vun auslännesche Regierungen ze bestrofen?
3) Kann d'Regierung elaboréieren, wéi wäit dës Decisioun no hirer Analys dozou bäidréit, d'Ukrainkris op diplomateschem Wee ze léisen, besonnesch och wat d'Zensur vu Kannerfilmer ugeet?
4) Wéi ass dës Moossnam vun der Regierung mam Verfassungsverbuet vun der Zensur compatibel?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten